N°2714
Entrée le 02.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op parlementaresch Fro n°2714 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu der Start - a Landepist um Flughafe Findel.

*Wéi eng Käschte sinn duerch déi zousätzlech Inspektiounen a Reparaturen un der Start- a Landebunn um Findel bis ewell entstanen an zu wiem senge Laaschten? Besteet d'Gefor, datt dës schlussendlech duerch méi deier Fluchticketen un d'Passagéier "duerchgereecht"ginn?*

D'Käschte fir Reparaturen a Nobesserungen un der Start- a Landebunn gi vum Opérateur gedroen.

Dës Folgekäschten vun de Sanéierungsaarbechte sollen awer keng Auswierkung op d'Redevancenstruktur um Fluchhafen hunn, a sech domat och net op d'Ticketspräisser auswierken.

*Gesäit d'Madamm Minister vir, déi verantwortlech Firmen ëm Schuedensersatz unzesichen, wann néideg och iwwert d'Geriicht? Falls jo, ginn dann och déi an der Fro virdru beschriwwe Follgekäschte an d'Fuerderunge mat opgeholl? Falls net, firwat net?*

D'Aarbechten un der Start- a Landebunn falen an d'Zoustännegkeet vu lux-Airport. lux-Airport ass och de Vertragspartner vun de bedeelegten Ingenieurbüroen an den Entreprisen, déi d'Bauaarbechten ausféieren an iwwerwaachen.

lux-Airport behält sech all weider, wann néideg, och juristesch, Schrëtt vir, fir seng Interesse an dësem Fall duerchzesetzen.

*Kann d'Madamm Minister deen Interessekonflikt, esou wéi am Lieserbréif vum Tageblatt beschriwwen, bestätegen? Falls jo, zu wéi engem Zäitpunkt gouf si doriwwer informéiert awéi ass si domadder ëmgaangen?*

Ech kann näischt kommentéiere vun deem ech keng Kenntnis hunn.

Lëtzebuerg, den 1. September 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes